

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. September 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

An engem Bäitrag vum Här Sportminister, deen den 13. September am Lëtzebuenger Wort publizéiert gouf, weist hien sech iwwerzeegt vum Erfolleg vun der dësjäreger Editioun vum Tour de Luxembourg. No de Virfäll vum leschte Joer kann een dem Här Minister hei natierlech nëmmen zoustëmmen.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3457 vum 15. Januar huet den Här Minister op d'Fro no de Léiere aus deene lo just genannte Schwieregkeete vun 2020 ënner anerem Follgendes geschriwwen: "*An dësem Kontext ass ze bemierken, dass de Sportminister een Aarbechtsgrupp aberuff huet fir sech an éischer Instanz um Niveau vun de staatlechen Institutiounen mat der Organisatioun vun internationale Velocourssen zu Lëtzebuerg ze befaassen, wou dann och natierlech den Tour de Luxembourg, drënner fält.*"

*Op Basis vun de Conclusiounen déi vun de verschiddenen Instanze gezu ginn, wäerte konkret Virschléi och fir déi zukünfteg Editioun vum Tour de Luxembourg erschafft ginn.*

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Minister nach gär dës Nofro stellen:

- 1) Kann den Här Minister elaboréieren, zu wéi enge Conclusiounen dee vun him agesaten Aarbechtsgrupp komm ass a wéi de Stand vun der Ëmsetzung sech duerstellt?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère des Sports

Le Ministre

Luxembourg, le 11 octobre 2021

Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Service Central de Législation  
43, boulevard F.D Roosevelt  
L-2450 Luxembourg

**Objet : Réponse commune à la question parlementaire n° 4949 au sujet du "Tour de Luxembourg"**

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous faire parvenir la réponse à la question parlementaire N°4949.

Je vous prie de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Le Ministre des Sports

Dan Kersch

**Äntwert vum Sportsminister Dan Kersch op d'parlamentaresch Ufro N°4949 vum 13. September 2021 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen iwwert den Tour de LuXembourg**

Mat der parlamentarescher Fro freet den éierbaren Deputéierten no de Conclusiounen zu deenen den Aarbechtsgrupp komm ass, deen vum Sportsministère aberuff gouf fir sech mat der Sécherheet an der Organisatioun vun internationalen Velocoursen zu Lëtzebuerg ze befaassen, ewou och den Tour de LuXembourg drënnerfällt.

No regelméissegen Réuniounen, un deenen all d'Instanzen deelgeholl hunn déi an der Organisatioun vun internationalen Velocoursen zu Lëtzebuerg involvéiert sinn, spréich, Police an Sécurité intérieure, Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Ponts&Chaussées an Sportsministère, ass den Aarbechtsgrupp zur Conclusioun komm den "Arrêté grand-ducal modifié du 23 novembre 1955 portant règlement de la circulation sur les voies publiques", also de Code de la Route, ëmzeänneren.

Besounesch den Artikel 143, deen sech mat der Organisatioun vu Sportskompéitiounen op der ëffentlecher Strooss beschäftegt, ass ganz nei strukturéiert a méi präzis formuléiert ginn. Niewent deesen reglementareschen Ännerungen, déi fir d'Editioun 2021 vum Tour de LuXembourg a Kraaft waren, ass och d'Autorisatioun déi d'Police fir d'Organisatioun vun Velocoursen ausstellt ugepasst an ausgebaut ginn, sou dass se elo individuell op den Niveau vun all Course kann adaptéiert ginn.

Do dernieft hunn och d'Organisateuren vum Tour de LuXembourg grouss Efforten gemaach fir d'Organisatioun och op hirem Niveau nach ze verbesseren an et gouf eng nach méi enk Kooperatioun tëschent den zoustännegen staatlechen an lokalen Autoritéiten.

Dëst ganzt Zesummespill huet derfir gesuergt, dass d'Editioun 2021 vum Tour de LuXembourg e groussen Succès ginn ass.

Enn Oktober wäert, op Initiative vum Sportsministère, och en Debriefing mat allen concernéierten Acteuren stattfannen.